

Lëtzebuerg, de 17. Juni 2024

Communiqué

De 14. Juni 2024 huet de Pascal Clement am Gemengerot seng Demissioun als eise Gemengeconseiller vun der Stad Lëtzebuerg bekannt ginn. Hien zitt sech aus perséinleche Grënn aus dem parteipolitesche Liewen zréck.

De Pascal Clement ass zwëschent 2017 an 2023 dräimol fir Piratepartei mat an d'Wale gaangen an ass 2023 als éischte Pirat an de Stater Gemengerot gewielt ginn. D'Stater Bierger hunn deemno senger Aarbecht fir Zesummeliewen an der gréisster Gemeng am Land Rechnung gedroen.

PIRATEN respektéieren seng Decisioun, a soen him Merci fir säin Engagement a seng vill Aarbecht, déi hie fir d'PIRATEN a besonnesch fir eis Stater Sektoun mat vill Enthusiasmus an Deevouement geleescht huet.

Dem Pascal Clement seng Nofolleg als neie Conseiller am Gemengerot iwwerhëlt elo d'Marie-Marthe Muller.

D'Marie-Marthe Muller, war als Co-Spëtzekandidatin Zweetgewielt bei de Gemengewalen 2023. Als engagéiert PIRATIN, wäert d'Marie-Marthe Muller sech mat vill Courage an Optimismus fir d'Bierger vun der Stad Lëtzebuerg asetzen.

Nieft alle wichtegen Themen, mat deenen sech de Gemengerot beschäftegt, sinn d'Aarmut, déi douce Mobilitéit an den ëffentlechen Transport, sou wéi d'Inklusioun, Wunraum a Liewensqualitéit Kärthemen, déi dem Marie-Marthe Muller wichteg sinn.

Déi Stater Sektoun steet hannert dem Marie-Marthe Muller fir déi Villsäitegkeet an der Aarbecht vum Gemengerot ze bewältegen. Hei ass Liewenserfarung, Fachwëssen, souwéi och Fangerspëtzegefill gefrot.

D'PIRATEN wënschen dem Marie-Marthe Muller vill Freed an Erfolleg bei senger Aarbecht am Stater Gemengerot.

PIRATEN
Sektoun Stad Lëtzebuerg

